PIRATEN
SEKTIOUN PÉITENG

Lëtzebuerg, den 18/03/2024

Resolutioun

De Gemengerot vun der Gemeng Péiteng stellt fest:

- dass aus de Policekommissariater am Süden vum Land (Regioun Sud/Ouest), wouzou och d'Gemeng Péiteng gehéiert, Polizisten ofgezu gi sinn, fir hir Kolleegen aus der Stad z'ënnerstëtzen. Dëst, ënnert Anerem, wéinst dem Duerchsetze vum sougenannten « Heescheverbuet », der Drogekriminalitéit an der illegaler Migratioun an der Stad Lëtzebuerg);
- dass d'Penurie u Polizisten um Terrain, trotz massivem Recrutement an de läschte Joren, nach ëmmer net komplett opgefaange konnt ginn;
- dass d'Regierungsparteien CSV an DP an de jeeweilege kommunale Walprogrammer e grousse Wäert geluecht hunn op d'Sécherheetsgefill;
  - « méi eng grouss Policepresenz, fir dass d'Bierger sech méi sécher spieren » (CSV),
  - « Mir engagéieren eis fir: – dass d'Police erëm méi Presenz weist an hirem Motto « no beim Bierger » gerecht gëtt » (DP);
- dass Konsens besteet, dass Péiteng net op Polizist:innen um Kommissariat verzichte kann.

Dofir decidéiert de Gemengerot Folgendes:

1. E Courrier am Numm vum Gemengerot un den Inneminister ze maachen, an dem gefuerdert gëtt:

   – dass d'Ofzéie vu Polizisten aus der Regioun Süd-West réckgängeg gemaach gëtt, well dës Ekippen och fir d'Kommissariat Péiteng/Käerjeng gebraucht ginn;

   – dass den Inneminister der Gemeng Péiteng déi néideg Erklärungen zoukomme léisst betreffend dem Ofzéie vu Policebeamte vum Péitenger Kommissariat.

Mat Respekt,

Chris Bernard	Teresa Monteiro	Jean-Pierre Ecker	Christian Welter
Gemengeconseiller	Gemengeconseiller	Gemengeconseiller	Gemengeconseiller